N°942
Entrée le 26.06.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 27.06.2024

adr

**Groupe parlementaire**

Här Claude Wiseler

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 26. Juni 2024

Här President,

esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Schoulminister weiderzeleeden.

Wéi een um Site www.science.lu noliese kann, hu Fuerscher vum „Luxembourg Centre for Educational Testing" vun der Uni Lëtzebuerg an enger Etüd *(„Early childhood education and care in Luxembourg")* hiren eegenen Aussoen no festgestallt, datt et grouss Ënnerscheeder tëscht de fréikandleche Betreiungsstrukturen am Land ginn an datt een net genau weess, *„wie und in welchem Maß dort Sprachen gefördert werden"*.

An deem Kontext hunn ech follgend Fro un den Här Minister:

Wéi steet den Här Minister zur Iwwerleeung (déi och am mentionéierten Interview zur Sprooch kënnt), datt et vu groussem Virdeel wier, eng Etüd ze realiséieren, déi d'Qualitéit vun de Crèchen hei am Land systematesch ënnersicht, speziell am Hibléck op d'Sproocheförderung, an hei besonnesch op d'Förderung vum Lëtzebuergeschen?

Mat beschte Gréiss

Fred Keup
Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 942 vum honorabelen Deputéierte Fred Keup**

D'Promotioun vun der Qualitéit an der non-formaler Bildung ass a wichtege Bestanddeel vun der Politik vun eisem Ministère. An deem Sënn gouf de sougenannte Qualitéitsdispositif iwwert dat modifizéiert Jugendgesetz am Joer 2016 an de Strukture vun der non-formaler Bildung agefouert.

Zil vun dësem Dispositif, deen un déi staatlech finanziell Participatioun (Prestataire Chèque-service Accueil) gekoppelt ass, ass et, de pädagogesche Kader ze definéieren an d'Qualitéit vun de Bildungs- a Betreiungsstrukture kontinuéierlech ze assuréieren. Dëst geschitt duerch eng Rei Obligatiounen:

- All Bildungs- a Betreiungsstruktur schafft en allgemengt pädagogescht Konzept aus, an deem hir Bildungsziler an hir pädagogesch Methoden definéiert sinn;
- Fir d'Qualitéit vun der non-formaler Bildung vum Personal ze erhalen a weiderzeentwéckelen, muss d'Personal eng gewëssen Unzuel u Formatioune maachen. Fir Personal, dat vollzäit schafft, sinn dat 32 Stonnen iwwer zwee Joer;
- All Struktur muss hir berufflech Praxis reegelméisseg dokumentéieren an Dossieren iwwer déi duerchgefouert Aktivitéiten, pädagogesch Usätz an Observatiounen iwwer d'Entwécklung vun de Kanner féieren;
- All Struktur muss zweemol d'Joer e pädagogesche Suivi vun de regionalen Agenten, déi d'Ëmsetzung vum Bildungsrahmenplan suivéieren, akzeptéieren.

Doriwwer eraus ginn d'Strukture reegelméisseg vun den Agente vum Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend (MENJE) kontrolléiert, déi hir administrativ a reglementaire Konformitéit iwwerpréiwen.

Et ass deemno ee breeden Dispositif en place mam Zil, eng héich Qualitéit am Secteur vun der Betreiung a Bildung ze erhalen an esou eng favorabel Ëmwelt fir d'Entwécklung vun de Kanner ze garantéieren.

D'Sproochefërderung, déi am Kader vum Programm vun der méisproocheger Bildung ëmgesat gëtt, ass och Deel vun dësem Qualitéitsdispositif. E wichtegt Zil vum Programm ass et, d'Kanner mam Lëtzebuergeschen a Franséische vertraut ze maachen. Sou gëtt a Strukturen, an deene virun der Aféierung vum Programm kee Lëtzebuergesch geschwat gouf, e fréie Kontakt mat der Lëtzebuerger Sprooch erméiglecht. Gläichzäiteg ginn all de Kanner hir Familljesproochen, déi och wichteg fir d'Entwécklung vun neie Sprooche sinn, wäertgeschat. D'Ëmsetzung vun dësem Programm ënnersteet enger Rei vu Modalitéiten, an zwar:

- De Recrutement vu Personal, dat en Niveau C1 am Lëtzebuergeschen noweise kann an och Personal, dat en Niveau C1 am Franséischen noweise kann;
- D'Integratioun vun der Sproochefërderung an dat pädagogescht Konzept vun der Struktur, souwéi och reegelméisseg Beobachtungen an Dokumentatioun;

- D’Ernenne vun engem Référent pédagogique pro Struktur, deen unhand vun enger 30-stënneger Formatioun an der Sproochentwécklung a -fërderung spezialiséiert gëtt;
- D’Deelhuele vum ganze Personal u Formatiounen zu der Sproochentwécklung a -fërderung vun aacht Stonnen iwwer zwee Joer.

De Programm gëtt begleet vun engem wëssenschaftleche Rot aus nationalen an internationalen Experten aus de Beräicher Sproochentwécklung a -fërderung, Méisproochegkeet a méisproocheg Bildung. Dës reegelméisseg Begleedung aus der Fuerschung dréit zu der Weiderentwécklung vum Programm bäi a garantéiert, datt d’Moossnamen adequat a kohärent sinn, wat a wichtegen Aspekt ass, fir d’Qualitéit weiderzedreiwen.

Ofschléissend kann ee festhalen, datt déi systematesch administrativ a pädagogesch Ënnersichung Bestanddeel vun dësem Dispositif ass, deen e kontinuéierleche Suivi vun der Qualitéit assuréiert.

Lëtzebuerg, de 6. August 2024

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH